**19 Projeten ginn an der 1. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt**

**19** Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Méindeg den Owend matgedeelt.

An der Produktioun goufen **6** Projeten vun lëtzebuerger Réalisateuren ënnerstetzt :

- De long-métrage **LIZARDQUEEN** vum Jacques Molitor ;
- De long-métrage d’animation **ELLIE AND THE CHRISTMAS CREEP (aka POLES APART)** vum Caroline Origer ;
- De long-métrage d’animation **WELCOME TO EARTH (aka LES AGENTS DES ETOILES)** vum Sarah Sutter ;
- De court-métrage **THERE WILL BE NO DOUBT** vum Sirvan Marogy ;
- De court-métrage **UN PAS DANS LE VIDE** vum Jonathan Becker ;
- De court-métrage **LOUISE MICHEL** vum Dzhovani Gospodinov.

Am Ganze ginn 12 Filmer vun lëtzebuergesche Réalisateuren ënnerstëzt.

De Comité de sélection kënnt all Joers véier Mol zesummen, déi nächst Sessioun wäert dann am Mee 2026 stattfannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehalen goufen, fannt Dir am offizielle Pressecommuniqué vum Filmfong.